

Objektiv Kooperatioun

Wéi gestalte mir ons Zesummenaarbecht
tëschent der Grondschoul an dem Service
d'éducation et d'accueil pour enfants (SEA)?

E puer Pisten



SCRIPT

Titre : Objektiv Kooperatioun

Éditeur : Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

eduPôle Walferdange

28, route de Diekirch

L-7220 Walferdange

Martine Wiltzius

Tél. : 247-75195

martine.wiltzius@men.lu

Réalisation/Conception : Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse/SCRIPT,

Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

www.script.lu

www.kooperatioun-bildung.lu

Copyright © 2019

ISBN : 978-99959-1-248-2

**Am Kader vum Plan de développement scolaire (PDS)
oder vum Concept d'Action général (CAG) hutt Dir als Equipe
d'Kooperatioun als Objektiv an de Mëttelpunkt vun Ärer
Schoul- respektiv Organisationsentwécklung gestallt.**

**Dëst Dokument gëtt lech eng Iddi,
wéi Dir d'Zesummenaarbecht opbauen
oder stärke kënt. Mir lueden lech an, ee ganz normalen Dag
aus der Siicht vum Kand ze gesinn,
fir datt d'Schoul an den SEA fir d'Entwécklung vum Kand zu
eppes Ganzem zesummewuesse kënnen.**

Wat heescht Kooperatioun am Alldag vun enger Grondschoul an engem SEA?

Kooperatioun mengt eng geziilt a geplangte Kollaboratioun tëschent den Acteuren aus der Grondschoul an dem SEA, déi am Alldag mat de Kanner am Kontakt sinn. Kooperatioun heescht, déi ënnerschiddlech Kompetenze vum Fachpersonal aus Grondschoul an SEA esou anzesetze fir de Kanner eng beschtméiglech Ënnerstëtzung bei hirem Léieren ze ginn. Kooperatioun ass de Wee fir ee positiven a kreative Léier- a Liewensraum ze schafen.

Firwat ass eng staark Kooperatioun a Kollaboratioun tëschent der Grondschoul an dem SEA fir d'Kanner wichteg?

Zwee Bildungspartner stäerken dem Kand seng Entwécklung aus ënnerschiddleche pädagogesche Perspektiven.

Kooperatioun huet vill Nuancen – wat a wéi vill wëlle mir?

Et gi vill Méiglechkeeten, d'Zesummenaarbecht tëschent der Schoul an dem SEA ze gestalten woubäi de klengste méiglechen Nenner vun enger Zesummenaarbecht de séchere Passage vun de Kanner tëschent der Grondschoul an dem SEA, an nees zeréck, sollt sinn. Op dëser Grondlag ka lues a lues opgebaut ginn.

Wéi ka sech Kooperatioun am Alldag ausdrécken?

E puer Iddien...

- 1 Déi zwou Equippe léiere sech kennen: aus Nimm a Gesichter gi KollegInnen.
- 2 Déi zwou Equippe stelle sech géigesäiteg hir Pädagogik vir. Op dës Manéier kënnen si sech am pädagogeschen Alldag eng gemeinsam Linn ginn a sech géigesäiteg mam Bléck op d'Kanner besser ënnerstëtzen.
- 3 Educateur/Educatrice an Enseignant/en tausche sech reegelméisseg aus, wann d'Kanner tëschent dem SEA an der Grondschoul hin an hier wiesselen.
- 4 De President/d'Presidentin vum Comité an de Chargé de direction/ d'Chargée de direction vum SEA gesi sech reegelméisseg fir sech iwwert de Prozess vun der Kooperatioun auszetauschen.
- 5 D'Personal aus dem SEA hält reegelméisseg un de Versammlunge vun der Grondschoul deel, fir sech iwwert d'Situatioun vun eenzele Kanner auszetauschen oder fir gemeinsam Aktivitéiten ze plangen.
- 6 Déi zwou Equippe gi sech eng Prozedur, wéi si a bestëmmten Noutfäll reagéieren a wien ze kontaktéieren ass ("rouden Telefon").

Déi zwou Equippe plangen a feiere gemeinsam Evenementer, wéi zum Beispill Liesowender, Summer- oder Chrëschtdagsfest oder organiséieren zesumme fir d'Elteren eng Info-Versammlung.

D'Equippen aus dem SEA an der Grondschoul plangen iwwergräifend Projeten an Theme fir oder mat de Kanner, z.B. an Domainer ewéi Naturwëssenschaften, Konscht oder Beweeegung.

Am Kand sengem Portfolio sinn d'Erfahrungen aus der Schoul an aus dem SEA dokumentéiert.

Educateur/Educatrice an Enseignant/en notze mat de Kanner zesummen Infrastrukturen op engem gemeinsame Site, wéi, zum Beispill d'Bibliothéik/ d'Mediathéik, d'Funktionsraum, de Musekssall oder d'Sportshal.

D'Elteren hunn am Austausch mat der Schoul oder mam SEA eng gemeinsam Telefonsnummer oder eng Kontaktpersoun. Déi zwee Bildungsberäicher organiséieren d'Kommunikatioun ënnerteneen.

Beim Bau vun enger gemeinschaftlech genotzter Bildungsstruktur (Grondschoul an SEA ënnert engem Daach) sëtzen d'Fachpersonal aus der Grondschoul an dem SEA zesumme mat der Gemeng un engem Dësch fir aus pädagogescher an architektonescher Perspektiv mat ze plangen.

D'Intensitéit vun der Kollaboratioun hängk vu strukturelle Konditiounen of, z.B. vun der Distanz tëschent de Gebaier, vun den Equippen, vun de Besoine vun de Kanner an hiren Elteren, vun der Geschicht tëschent Grondschoul an dem SEA, vun der Unzuel vun den Acteuren am Prozess, vun der Ënnerstëtzung vun de Responsabelen aus den ënnerschiddleche kommunalen a staatlechen Instanzen, fir just e puer Facteuren ze nennen. All dës Facteure kënnen een Afloss op Är Kooperatioun am Alldag hunn. Hei e puer Iddie fir gemeinsam Schrëtt jee nodeems vu wou Dir start.

Wéi eng Méiglechkeeten hu mir...?

Wa mir bis elo nach weider net zesumme geschafft hunn?

Mir léieren ons kennen andeems mir ons bei enger gemeinsamer Reunioun virstellen, eng Sortie zesummen organiséieren oder gemeinsam eppes iese ginn.

Mir stellen ons géigesäiteg ons Pädagogik mat de gesetzleche Constraintë vir mam Zil, eist jeeweilegt Handele besser ze verstoen. Op dës Manéier kënnen mir ons Kompetenzen zesummeleeën an ons mam Bléck op de Kanner hir Entwécklung ergänzen.

Mir tauschen ons iwwert d'Ziler am Plan de développement scolaire (PDS) an am Concept d'action general (CAG) aus a fanne Gemeinsamkeete fir eng Kollaboratioun.

Mir fänke kleng un an iwwerleeën all Woch, wat fir eng gemeinsam Aktivitéit oder wat fir ee Projet géif Spaass maachen, deen am selwechte Moment och Deel vun der Schoulentwécklung (PDS) oder Organisationsentwécklung (CAG) ass.

Mir maachen ee Plang an deem de Sujet an d'Zil vun der Aktivitéit oder vum Projet beschriwwen ass, wie fir wat zu wéi engem Moment fir eppes zoustänneg ass an hale fest, wat d'Kritäre vum Succès vun der Aktivitéit oder vum Projet sinn.

Dëse Plang gëtt eemol am Trimester am Kader vun de Versammlungen (Schoulgesezt) tëschent der Schoul an dem SEA op seng Entwécklung hin thematiséiert: Wat leeft gutt? Wat sinn Erausforderungen? Fuere mir esou weider?

Fir datt mir de Succès vun der Ëmsetzung vun onsen Aktivitéiten oder Projeten och feiere kënnen, gi mir ons am Virfeld Kritäre fir d'Resultat och moossen ze kënnen.

Wa mir ons Kooperatioun matenee verstärke wëllen?

Mir sinn ons als Grondschoul an SEA eens, wat ons Motivatioun fir eng méi staark Kooperatioun ass: zwou Equippen, eng Richtung.

Mir iwverleeën ons, wou fir d'Kanner an hir Eltere méi eng staark Kooperatioun ee Virdeel ass.

Wa mir méi Ziler erreeche wëllen, setze mir ons Prioritéite fir ee Schratt nom aneren ëmzesetzen.

Fir datt mir mat der Ëmsetzung vun onsen Ziler och zefridde sinn, hale mir pro Zil Kritäre fest, wat hire Succès ausmécht.

Eemol am Trimester huele mir zesumme mam SEA d'Entwécklung vun onsen Ziler op de Leescht a froen ons: Wat leeft gutt? Wat sinn Erausforderungen? Wat brauche mir fir dat et weider gutt leeft? Fuere mir esou weider?

Mir iwverleeën, wéi eng Formatioune mir brauchen, fir ons Zusummenaarbecht am Alldag ze meeschteren.

Mir iwverpräiwen, ob mir d'Kommunikatioun am Alldag verbessere kënnen oder ob alles beim Ale bleiwe kann.

Mir klären d'Roll an d'Missioun mat allen Acteuren, déi am Kader vun der Kooperatioun aktiv sinn an hale se schrëftlech fest.

Wa mir als Précoce oder als ganz Grondschoul mam SEA zukünftig an engem Gebai ënnert engem Daach zesumme schaffen wëllen oder wäerten?

Fir ons op dës gemeinsam Zesummenaarbecht virzubereeden, iwwerleeë mir ons, ob mir gemeinsam Formatiounen oder een externe Coach brauchen.

Mir ginn aus der Siicht vum Kand den Oflaf vun engem Dag duerch an iwwerpréiwen, ob ons Kommunikatioun ënnerteneen effikass ass: Wéi oft gesäit sech d'Presidentin/de President vum Comité mam/mat der Chargé/e de direction vum SEA? Wéi oft gesi sech d'Equipe fir wéi eng Themen ze schwätzen?

Mir klären d'Roll an d'Missioun mat allen Acteuren, déi am Kader vun der Kooperatioun aktiv sinn an hale se schrëftlech fest: Wien ass fir wat genee verantwortlech?

Mir schaffen ee pädagogesch Konzept mat allen Acteuren aus, déi spéiderhin am neie Gebai schaffen wäerten. D'Konzept gëtt vun alle Membere vun der Bildungsrichtung gedroen, ier den architektonesche Plang gezechent gëtt.

Dëst pädagogesch Konzept ass och d'Grondlag fir de PDS an der Schoul a fir de CAG am SEA. Mir ginn ons Prioritéite mat kloren Ziler an hale pro Zil Kritäre fest, fir de Succès vun der Ëmsetzung ze gesinn.

Op der Grondlag vum pädagogesche Konzept iwwerleeë mir ons, wat fir Raim mir am Alldag brauchen.

Wéini hu mir Zäit fir iwwert ons Zesummenaarbecht ze schwätzen? Hei e puer Fënsteren...



Presidentin/President vum Comité: am Kader vun der Décharge PDS a vun der Concertatioun am Comité.



Chargé/e de direction SEA: am Kader vun der Concertatiounszeit.



Equipe Schoul an SEA: am Kader vun de Concertatiounsstonnen oder informell beim Passage vun de Kanner Schoul/SEA/Schoul oder moies am gemeinsamen Haff.



Schoul an SEA als Equipe: gemeinsam in-house Formatioun beim IFEN zum Thema Kooperatioun.

De rechtliche Kader an deem Kooperatioun stattfënnt:

- L'article 52 de la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire
- Les articles 10 et 41 de la loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental
- L'article 32 (1) de la loi du 24 avril 2016 portant modification de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse
- Règlement grand-ducal du 16 mars 2012 portant exécution de l'article 16 de la loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental, relatif à l'encadrement périscolaire
- Règlement grand-ducal du 14 août 2018 fixant les modalités d'élaboration et d'application du plan de développement de l'établissement scolaire dans l'enseignement fondamental
- Les articles 8 et 11 du règlement grand-ducal du 21 août 2018 portant modification du règlement grand-ducal modifié du 14 novembre 2013 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services d'éducation et d'accueil pour enfants



Op der nächster Säit fannt Dir verschiddenen Zeenarien,
wéi Kooperatioun am Alldag bis elo schonn ëmgesat gëtt.

D'Zil vun all Kooperatioun ass,
dem Kand zwee Bildungsberäicher unzebidden, déi et him
erméiglechen, Potential a Kompetenze bei sech
ze entdecken an opzebauen.

Weider Informatiounen, News a Beispiller aus der Praxis
ronderëm d'Thema Kooperatioun fannt Dir um Internetsite

www.kooperatioun-bildung.lu



Zeenarien:

1 Punktuell Kooperatioun op zwee Sitten an zwee Gebaier

D'Equipe vun der Grondschoul an dem SEA schaffen bei bestëmmten Evenementer zesummen; zum Beispill:

- Plangen an Duerchféierung vun eenzelen Aktivitéiten,
- bei engem besonneschen Uleies zu engem eenzelen Kand,
- bei Reuniounen oder Bilansgespréicher mat Elteren.

Doriwwer eraus schafft all Equipe mat hiren eegene Konzepter a Gebaier.

2 Verstärkt Kooperatioun op engem Site an zwee Gebaier

D'Equipe vun der Grondschoul an dem SEA schaffen bei bestëmmten Evenementer zesummen an tausche sech reegelméisseg aus, zum Beispill:

- Chargé/e SEA a PresidentIn EF oder mam Comité,
- Chargé/e SEA a Commission scolaire,
- Personal SEA a Personal EF (Cyclen),
- Personal EF an Atelieren am SEA,
- Personal SEA, EF an ESEB, gemeinsam Formatiounen.

Doriwwer eraus schafft all Equipe mat hiren eegenen Konzepter a Gebaier

3

Verstärkt Kooperatioun op engem Site an zwee Gebaier

D'Equippe vun der Grondschoul an dem SEA tausche sech a festen Ofstänn reegelméisseg aus, zum Beispill:

- Chargé/e SEA a PresidentIn EF oder mam Comité,
- Personal SEA a Personal EF (Cyclen),
- Personal EF an Atelieren am SEA,

Déi zwou Equippen notze Raim an der Grondschoul an am SEA. Si hale schrëftlech fest, wéi den Oflaf vun enger optimaler Notzung am Alldag ausgesäit.

Doriwwer eraus schafft all Equipe mat hiren eegene Konzepter a Gebaier.

Bei schoul- a sozialpädagogeschen Aktivitéite kënnen déi lokale Veräiner mat dobäi sinn.

4

Précoce/SEA an engem Gebai a selwechte Raim

D'Equipe vum Précoce an d'Equipe vum SEA schaffen Hand an Hand.

Si deele sech am Alldag d'Raim an hunn zu festen Zäiten ee reegelméisseg Austausch.

Schoul- a sozialpädagogesch Aktivitéite bezéie sech openeen a ginn zum Deel och zesummen duerchgefouert. D'Aarbecht vun den zwou Equippe baséiert op engem gemeinsame pädagogesche Konzept.

Bei schoul- a sozialpädagogeschen Aktivitéite kënnen déi lokal Veräiner mat dobäi sinn.

5

Schoul/SEA an engem Gebai mat selwechte Raim

D'Equippe vun der Grondschoul a vum SEA schaffen als gemeinschaftlech Struktur ënnert engem Daach zesummen.

Si deele sech am Alldag d'Raim an hunn zu festen Zäiten ee reegelméisseg Austausch.

Schoul- a sozialpädagogesch Aktivitéite bezéie sech openeen a ginn zum Deel och zesummen duerchgefouert. D'Aarbecht baséiert op engem gemeinschaftleche pädagogesche Konzept.

Dat schoulescht a sozial-educatiivt Personal funktionéiert als eng Equipe. Si sinn an allen interne Gremie gläichberechtigt vertrueden a si notzen am Alldag déi selwecht Infrastrukturen.


Bei schoul- a sozialpädagogeschen Aktivitéite kënnen déi lokal Veräiner mat dobäi sinn.

Notizen zu onser Zesummenaarbecht mat der Schoul/mam SEA:

A series of horizontal dotted lines for taking notes, set against a background of a light gray dot grid.

Notizen zu onser Zesummenaarbecht mat der Schoul/mam SEA:

A large grid of dotted lines for taking notes, consisting of 15 columns and 20 rows.



SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

SCRIPT, Service de Coordination de
la Recherche et de l'Innovation pédagogiques
et technologiques

eduPôle Walferdange
28, route de Diekirch
L-7220 Walferdange
Tél. : 247-75195
martine.wiltzius@men.lu

SCRIPT, Walferdange 2019



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse